

Schäfferotserklärung 2017, Budget rectificié 2017, Budget 2018

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen,

Ier ech un de Budget kommen, wollt ech awer nach Stellung huelen

## • **Zu der Schäfferotserklärung**

déi gréng wëllen ervirsträichen, dass dat wat vum Buergermeeschter an der 1ter Schäffin d'lescht Woch presentéiert ginn ass, opgebaut ass op dat wat am Koalitiounsvertrag zwëschent der CSV an déi gréng verhandelt ginn ass.

Eng Schäfferotserklärung vun der Kontinuitéit, déi op dat opbaut wat an de leschte Joeren erreicht ginn ass an déi d'Zukunft vu Käerjeng weider an eng nohalteg Richtung steiert.

Nohalteg, well mer den zukünftege Generatiounen eng Gemeng mat enger grousser Liewensqualitéit wëllen hannerloossen andeems mer d'Gemeng moderniséieren, d'Infrastrukturen systematesch erneieren, d'Weeër fir d'Leit méi kuerz maachen, d'Veräiner ënnerstëtzen, fir dass eis Bierger kënne haut an an Zukunft vun all deem profitéieren.

Nohalteg, well mer e groussen Akzent op d'Ëmwelt, den Ëmwelt- an Klimaschutz an op de Naturschutz setzen. Och hei mam Ziel de nächste Generatiounen eng gesond a liewenswäert Gemeng ze hannerloossen.

Nohalteg, well mer och a sozial Projeten investéieren, fir och deene Schwächsten aus eiser Gesellschaft d'Méiglechkeet ze bidden an eiser Gemeng ze liewen.

Nohalteg, well mer trotz all den Investitiounen déi mer gemaach hunn an déi mer wäerte maachen ni de finanziellen Equiliber aus den A wäerte verléieren. Och hei mam Ziel an Zukunft Investitiounsméiglechkeeten ze behalen, fir dass d'Gemeng déi zukünftegen Erausforderungen ka meeschten.

An deem Sënn gi weider eis Fusiounsprojeten konsequent ëmgesat, déi net nëmmen dozou sollen dengen d'Infrastrukturen ze verbesseren, mee och d'Leit sech nach méi no ze bréngen wéi se et no 6 Joer Fusioun scho sinn.

Mär wëllen awer och, dass d'Bierger nach méi kënnen um Développement vun der Gemeng partizipéieren, dass se och méi liicht un Informatiounen aus der Gemeng an aus dem Gemengerot kommen an dass se regelméisseg informéiert ginn iwwert Dossieren vun der Gemeng.

Wéi schonn zanter Joeren ass och weider hin d'Mobilitéit e schwierigen Dossier. Nach ni huet et allerdings sou gutt ausgesinn wéi haut, dass mer e Contournement kréien, den et ging erlaben d'Liewensqualitéit vun eise Bierger aus dem Zentrum vu Bascharage extrem ze verbesseren. Nichts des do trotz, musse mer och weider un der Mobilitéé douce schaffen, musse mer Konzepter

ausschaffen fir der Parkproblematik meeschter ze ginn a musse mer verschidde Plazen a Quartieren an de Lokalitéite verkéiersberouegen. Och wäerte mer eis dofir asetze, dass de negativen Impakt vum Contournement op d'Natur an Ëmwelt kompenséiert gëtt, an zwar do wou den Impakt am gréissten ass, zwëschent Bascharage a Suessem. Ausserdeem musse mer eis och dofir asetzen, dass d'Nuisancen an de Quartieren déi no um Contournement leien, sou niddereg wéi méiglech wäerte sinn.

Fir eis gréng ass et natierlech primordial, dass mer am Dossier Ëmwelt, Klimaschutz an erneierbar Energie weider kommen. Mäer hunn an de leschte Joere vill Efforte gemaach, mee mäer müssen d'Gemeng an deem Beräich besser opstellen, fir kënne nach méi konsequent un des Dossieren, déi ee kann zesumme faassen am Begrëff Klimapakt oder Klimabündnis, erunzegen. Mäer sinn der Iwwerzeugung, dass mer dofir müssen en forméierten Ëmweltberoder astellen, dee Service iwwergräifend ka wierken. Nëmme sou kënne mer méi grouss Fortschrëtter am Klimapakt maachen.

Extrem wichteg ass, dass mer d'Bierger, d'Veräiner an d'Betriber mat an d'Boot kréien, dofir wäerte mer weider vill Sensibilisatioun op wichtige Themen, wéi erneierbaren Energien, Energiespuermoossnahmen, Offall, Waassernotzung, asw maachen.

Och wëlle mer d'Bierger weiderhin ënnerstëtzen, dass se selwer erneierbar Energie kënne produzéieren, dass se spuersam mat de Ressourcen ëmginn an dass se eventuell rëm méi eege Produzent vu Liewensmëttel ginn.

D'Bierger sollen awer och responsabiliséiert ginn, dass se matschaffen, dass mer déi Zieler déi mer eis gesat hu kënnen ereeschen.

Bei der Schoul an de Structure d'Accueil ginn engersäits nei Infrastrukture gebaut an anerersäits wäerte mer probéieren d'Structure d'Accueil ze diversifizéieren, eventuell mat enger Bëschcrèche.

Eng nei Erausforderung an der Sozialpolitik, wäert ginn, dass Käerjeng eng Struktur d'Accueil fir Demandeur d'Asyl kritt an dass mer och wëlle Wunnengen amenagéieren fir Persounen, déi de Flüchtlingsstatut kritt hunn, kënnen ze logéieren. D'Gemeng wäert müssen e Konzept ausschaffen, wéi Réfugiéen zu Käerjeng encadréiert an integréiert kënne ginn.

Weiderhin wäert mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Sozialwunnengen zu Käerjeng gebaut ginn. En Akzent wäert op Lokatiounswunnengen gesat ginn.

Iwwert en Inventaire vun eidelstoende Wunnengen, sollen Proprietairen motivéiert ginn des Wunnengen der Agence Immobilière Sociale Kordall zur Verfügung ze stellen.

Zousätzlech wäert d'Gemeng e Konzept ausschaffen fir de Leit ze hëllefen aus der Energiearmut erauszekommen.

An der Kultur gött nom Treff zu Bascharage den Treff zu Kéinzig gebaut, fir dass dann all d'Veräiner aus der Gemeng optimal Konditiounen hunn fir Aktivitéiten a Festivitéiten ze organiséieren. Wichteg wär et och, wa mer e flotte Projet am Bommerbësch kinnnten ëmsetzen. Mäer wëlle weider hin um Konzept festhalen fir Fester mat de Veräiner fir eis Bierger ze organiséieren.

E flotte Park soll den Zentrum vun Uewerkäerjeng opwäerten. Fir déi grouss a kleng Kanner gi Spill- a Sportplaze gebaut, fir dass d'Kanner sech kënnen defouléieren. Si sollen awer och kënnen un der Ausaarbechtung vun sou Projeten deel huelen.

Zu Kéinzig op der Gare soll de Chalet nees ganz fir d'Scouten amenagéiert ginn.

Fir déi eeler Leit gött d'Altersheim op Acker gebaut. Et sollen awer och Projeten ënnerstëtzt ginn, déi et den eelere Leit erlaabt sou laang wéi méiglech onofhängeg kënnen ze liewen. Och sollen intergenerationell Projeten gefördert ginn.

Wéi der gesitt huet des Majoritéit vill wëlles fir déi nächst 6 Joer.

Fir keng Zäit ze verléieren, gött dann och 2018 ugefangen déi verschidde Projeten ëmzesetzen, sou wéi der et am

## • **Budget 2018**

kënnen liesen.

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen,

Déi gréng wëlle fir d'éischt all de Servicer Merci soen, déi gehollef hunn dëse Budget opzestellen. E besonnesche Merci geet un de Claude Freichel.

déi gréng stelle fest, dass den Iwwerschoss am ordinäre Budget rëm méi héich gött. Dëst ass wichteg, well mer, wann d'Fusionsubsiden all investéiert gi sinn, mer dësen Iwwerschoss brauchen fir Projeten am Extraordinären Budget kënnen ze finanzéieren.

Kucke mer d'Budgeten vun 2014 un gesi mer, dass mer vun 3,4 Mio 2014 ob 1.5 Mio 2015 an 1.15 Mio 2016 falen fir dann 2017 op 4 Mio ze klammen an 2018 en Iwwerschoss vu bal 7 Mio am Budget stoen hunn. Et kann een also soen, dass zanter der Gemengefinanzreform den Iwwerschoss am Ordinären rëm an d'Lut weist. Dëst gött natierlech och ënnerstëtzt duerch eng allgemeng gutt Konjunktur. Et muss een dëst weider am A behalen, virun allem och dann, wann et konjunkturell rëm eng Kéier manner gutt goe sollt.

Wéi mer wëssen ass d'Situatioun am Compte besser, wéi se am Budget presentéiert gët. Ob mannst wuar dat sou vun 2014, wou mer am Compte e Plus par Rapport zum Budget vun 2 Mio haten. 2015 wuaren et 6 Mio an 2016 5.8 Mio. Des Differenzen entstinn, well bewusst beim opstellen vum Budget

virsiichteg Schätzunge gemaach ginn, fir net am Compte negativ Iwwerraschungen ze kréien. Déi gréng fannen dëst eng gutt Approche.

Déi gréng stellen awer och fest, dass d'Salaren den ordinäre Budget ëmmer méi staark belaaschten, wat et schwiereg mëscht d'Servicer mam néidege Personal opzestocken, do wou et wierklech néideg ass. Kuckt een d'Masse salariale brut par Rapport zu den ordinären Depensen, fale mer ob 44.5%, wat jo relativ gutt ausgesäit. Wann een awer géing déi 2.4 Mio Salaire vun den Enseignanten, déi d'Gemeng ëmmer bezuelt huet, dobäi rechnen, da kéim een ob e Rapport vun 54.8%, wat guer net méi gutt ass.

Wëllt ee mëttel a laangfristeg dëse Rapport ënnert 50% stabiliséieren, fir de korrekte Fonctionnement vun deene verschiddenen Servicer op der Gemeng ze garantéieren a gläichzäiteg en Iwwerschoss am ordinären ze behalen, mat deem an der Zukunft kann an d'Gemeng investéiert ginn, musse mer eis Gedanke maachen wou mer engersäits kënne Suen aspueren, respektiv anerersäits d'Recetten an d'Lut setzen.

Kloer ass, dass an deem Kader déi Servicer déi solle vum Gesetz hier käschendeckend sinn, sollen en Taux de couverture am ordinären Budget hunn deen ob 100% tendéiert. Beim Offall, Waasser an Ofwaasser leie mer awer mëttlerweil bei Taux de Couverturen am Initial ënnert 90%. Kuckt een awer de Compte muss ee feststelle, dass den Taux de Couverture ëmmer e puer Prozent méi héich ass wéi am Initial. Well des Servicer awer och vu Salaireserhéigung beträff sinn a wëll et Servicer sinn déi sech ëmmer méi developpéieren ass et quasi onméiglech fir d'Dépensen ze drécken. Wat bleift ass eng Erhéijung vun den Taxen.

Mär sinn als déi gréng dofir, dass de Käschendeckungsprinzip agehale gëtt, well dëst och e Moyen ass fir d'Bierger dozou ze beweegen Ressourcen ze schounen an den Dreck ze triéieren, wat jo scho mat vill Succès gemaach gëtt. Mär sinn der Meenung, dass een sech soll Critèren ginn no deenen den Käschendeckungspräiss gerechent gëtt an da fanne mär, sou wéi de Buergermeeschter et och schonn ugeschwat hat, ob et net méi sënnvoll wär fir d'Taxen all Joer en Fonctioun vun dëse Critèren ze adaptéieren.

Et gëtt awer och Beräicher wou net de Käschendeckungsprinzip gëllt, wou den Taux de Couverture sech am Initial och ëmmer méi verschlechtert.

Bei der Maison relais, wou mer eigentlech bei 75% solle leien, hu mer am Initial eng Evolutioun vun 2014 82% op 2015 vun 72% an 2016 64%. 2018 leie mer bei 68%. Kuckt een awer de Compte muss ee feststelle, dass den Taux de Couverture déi 75% bis lo net ënnerschreid huet. Sou leie mer 2014 bei 75%, 2015 bei 81.05% an 2016 bei 77%. Hei muss een am A behalen, dass dee net ze weit rof geet.

En anere Beräich ass d'Musekschoul. Do hu mer am Compte eng Evolutioun vum Taux de Couverture no Ennen, vun 57% 2014, 56% 2015 ob 54% 2016. Virun allem dépasséiere mer 2016 déi éischte Kéier 1 Mio déi d'Gemeng an der

Musekschoul bäileet. D'Musekschoul ass e Service deen d'Gemeng gären eise Bierger ubitt a mär sinn och frou iwwert d'Qualitéit vun eiser Musekschoul. Leider ginn och an der Musekschoul d'Dépenses duerch d'Salaire gedriwwen. Och hei muss mer d'Evolution am A behalen.

Sou laang eisen Iwwerschoss am Ordinäre Budget héich genuch ass, dass mer des Servicer kënnen ubidden an trotzdem nei Projete kënnen realiséiert ginn ass dat kee grouse Problem. Wann den Iwwerschoss awer eng Kéier sollt rof goen muss mer eis iwwerleeën wéi mer solle virgoen.

Här Buergermeeschter,

déi gréng stelle fest, dass 2017 vill an der Gemeng investéiert ginn ass, souguer nach méi wéi déi Joere virdun. Stungen 2015 19.4 Mio an 2016 19.1 Mio am Initial, sou stungen 2017 19.9 Mio am Initial. 2018 fänke mer da fir d'Fusiounsgemeng Käerjeng mat 15,5 Mio am Initial déi nei Legislaturperiod „relativ“ roueg un. 15,5 Mio déi an d'Moderniséierung vun eiser Gemeng investéiert ginn. Deelweis a Projeten déi scho geplangt oder ugefange sinn, deelweis a nei Projeten. Projeten an all de Lokalitéite vun eiser Gemeng.

Wat sinn dann déi wichteg Projeten déi d'Gemeng realiséiert huet respektiv realiséiere wëll.

Am Stroossebau wuarde mer natierlech all, dass d'Rue de la Résistance finaliséiert gëtt, well dann den Zentrum vu Bascharage endlech fäerdeg ass. Bleift da just nach de Projet „nei Gemeng“ wou jo schon e Startbudget virgesinn ass.

D'Rue des Près gëtt 2018 och fäerdeg, dann ass des Strooss och verkéiersberouegt an duerch d'Erneierung vun der Kanalisatioun ass dann d'Iwwerschwemmungsgefor méi kleng.

Op der Bomicht gëtt dann 2018 och nach d'Rue Aubart amenagéiert

Zu Uewerkäerjeng ginn d'Raiseauxen am Zentrum fäerdeg geluecht an eventuell ginn d'Rue Thiry an d'Rue Roth nach 2018 ugefangen.

Zu Kéinzig gëtt och vill geschafft, sou ginn d'Aarbechten an der Rue de Fingig a Rue de la gare 2018 weider an am Zentrum vu Kéinzig gëtt de Parking iwwert dem Schoulkomplex fäerdeg gestallt. Do wou och déi nei Spillschoul mat Precoco am gaangen ass gebaut ze ginn.

Do dernieft ginn d'Alentouren vum neien Treff a Form vun engem Park amenagéiert.

E weidere grouse Posten, d'Réfectioun vun der Schwämm fir 1.8 Mio €, deet natierlech wéi. Déi gréng sinn awer der Meenung, dass eng Gemeng vun der Gréisst vu Käerjeng onbedéngt eng Schwämm muss hunn fir eise Kanner schwamme bäizebréngen a fir och déi gutt beschichten Owescourse wéi AquaGym kënnen ofzehalen.

Frou si mer och, dass 2018 Studentewunnengen an der Villa Bofferdeng amenagéiert ginn.

Fir eis Kanner a Jugendlecher an och fir Jonker vu Fréier ginn an der nächst Freizäitplaze creéiert. Sou gëtt zu Hautcharage am Päesch 2018 eng Spillplaz mat Park amenagéiert, wou Jonk an al sech kënnen begéien an un enger Spillplaz op Acker gëtt geplangt.

Fir dass sech d'Leit och weider kënnen am Bommertbësch treffen gëtt un engem Projet geschafft fir de Bommertbësch nei ze gestalten.

E wichtege Kulturtreffpunkt fir d'Bierger ass den Treff zu Bascharage, deem 2017 konnt inauguréiert ginn. Wéi versprach gëtt awer och en Treff zu Kéinzig am Zentrum gebaut. E Projet deem 2018 soll presentéiert ginn.

E wichtege Projet gëtt natierlech de Bau vum Staat vum Altersheim a vun de Flüchtlingsstrukturen op Acker, wou mär de PAP mer an der leschter Sëtzung approvéiert hunn. Déi gréng fannen et wichteg, dass eis Gemeng sou Infrastrukturen kritt. Mär fannen awer och, dass sou Infrastrukturen der Gemeng eng Verantwortung ginn vis-à-vis vun deene Leit, déi herno an dësen Infrastrukturen liewen.

Sou si mär, wéi de Buergermeeschter et och scho gesot hat, der Meenung, dass mer müssen alles dofir maachen, dass d'Demandeur d'Asyl aus de Flüchtlingsstrukturen eng optimal Betreuung kréien an dass mer alles maachen fir dass des Leit sech kënnen zu Käerjeng integréieren. Dat geet net vum selwen. Do brauch een zousätzlech Assistants sociaux an et muss een och eis Bierger an d'Veräiner sensibiliséieren fir ze hëllefen des Persounen an eiser Gesellschaft opzehuelen.

Och beim Altersheim kënnen déi gréng sech virstellen Projeten mat den eelere Leit aus dem Altersheim auszeschaffen, dass se méi integréiert sinn. Fir wat net e Schoulgaart maachen, wou Leit aus dem Altersheim kënnen partizipéieren?

Wéi sou oft gi ganz vill Suen aus dem Budget op Plazen wou een se net gesäit. Sou geet bei Stroossenaarbechten e groussen Deel an d'Raiseauxen. Een anere Posten, wou ee quasi ni gesäit sinn d'Kläranlagen an d'Rückhaltebecken, wou mer 2018 fir bal eng Mio zu Péiteng an zu Stengefort investéieren. Investissementer déi wichteg sinn fir eis Ofwaasser, an domatt eis Flëss a Baachen rëm propper ze kréien.

Et gëtt awer och vill an Gemengegebaier investéiert. Sou gëtt den Atelier vergréissert fir all déi Gefierer a Material vun der Gemeng kënnen ze lagere. Déi verschidde Services kréien och regelméisseg nei Material a Gefierer kauft, fir an gudde Konditiounen kënnen ze schaffen. Sou gëtt fir den Service technique z.B. en Trakter fir 250000€ kauft.

Kolleginnen a Kollegen,

a Beräich deen déi gréng natierlech besonnesch interesséiert ass deen deen een enner den Titel Klimapakt kinnt stellen. Et ass eis wichteg, dass an alle Beräicher déi en Impakt op den CO2-Ausstouss vun eiser Gemeng hunn Efforte gemaach ginn.

Dofir wäerte mer weider um Ausbau vum Mobilité douce-Netz schaffen a mär wäerten et och ob Lénger, Kéinzig a Fingig ausweiden. Nodeems 2017 de Wee laanscht Mierbach an d'Connectioun op Schuller gemaach ginn ass gétt 2018 e grenziwwerschreidende Véloswee vu Kéinzig an d'Belge gemaach.

Fir de Vélo ze promovéieren, sinn 2017 2 Käerjenger Vélosboxen gebaut ginn an et sinn der nach 3 fir 2018 geplangt, dass d'Leit hire Vélo sécher an dresche kënnen ofstellen.

D'Mobilité douce gétt och ob der Gemeng gefördert, dofir sinn a ginn E-bikes fir Mataarbechter vun der Gemeng kaaft.

Eise Programm vun de Gebeiersanéierung leeft och weider. Sou ginn al Heizungspumpelen duerch méi effizienter ersat, Energiesanéierungsmossnahmen gi gemaach, Energiepäss gi vun de Gemengegebaier gemaach fir e bessert energetesch Bild ze kréien an do wou et Sënn mëscht ginn Heizungsanlagen duerch méi energiespuender ersat.

D'Gemeng stellt och weiderhin hier Dachfläschchen zur Energiegewannung zur Verfügung. Sou ass eng PV-Anlag vun der Gemeng um Treff installéiert ginn an d'Gemeng huet den Dag vum Dribbel „TM Enercoop“ zur Verfügung gestallt fir eng Cooperatif-Anlag kënnen ze installéieren, wou d'Bierger sech kënnen akafen. 2018 kënn zu Kéinzig ob der Spillschoul eng PV-Anlag mat Eegenotzung, wou dee produzierte Stroum an enger Batterie gespäichert gétt a ka genotzt ginn wann et néideg ass.

A grouse Beräich bleift natierlech d'Subventionéierung vu Projeten fir d'Produktioun vun erneierbaren Energien oder d'Sanéierung vun den Haiser. Sou wéi 2017 wärt och 2018 eng Sensibiliséierungscampagne mam Energie-Park Réiden gemaach ginn fir d'Bierger ze motivéieren hei aktiv ze ginn.

D'Sensibiliséierungscampagne vun 2017 huet jiddwerfalls hier Friichte gedroen, well mär hunn 168% méi Subsiden un Bierger 2017 ausbezuel wéi 2016. D'Ziel ass et, dass dese Montant nach an d'Luet geet.

Här Buergermeeschter, déi gréng sinn der Meenung, dass mer en equilibréierte Budget presentéiert kritt hunn, deen et och méttelfristeg erlaabt Projeten ëmzesetzen. Sou geet och 2017 eis Prokappverschëldung, trotz de groussen Investitiounen, ob 908€ rof. 2016 wuaren et der nach 1031€. 2018 soll se nach weider rof goen ob 783€. Déi déi also behaupt hunn d'Majoritéit géing d'Suen zur Fënster rausgeheien, kréien hei kloer gewisen, dass et net sou ass. Vill Gemenge wäere frou, wa se sou vill Investissementer kinnten tätigen an trotzdem hier Prokappverschëldung erofsetzen. Jo, mär haten d'Fusiounssubsiden, mee dat

huet et erlaabt méi Projeten ëmzesetzen wéi et an enger Normalsituatioun méiglech wär an dat ass jo och gemaach ginn. Dass ee net d'Accord ass matt verschiddenen Investissementer ass eng Saach, ze behaupten d'Majoritéit géing d'Suen zur Fënster rausgeheien ass eng aner. Mä stungen a stinn fir eng responsabel Finanzpolitik an der Gemeng Käerjeng an déi gréng ënnerstëtzen des Investitiounspolitik an des Manéier fir d'Gemengeservicer ze moderniséieren a personell sou opzestellen, dass se e qualitativ héichwäertegen Service kënne leeschten.

Matt dësen Chifferen huet d'Gemeng eng gutt Ausgangspositioun fir zukünfteg Investissementer ze maachen. Wann et misst sinn kéint Gemeng, fir Projeten déi och vun de nächste Generatiounen kënne profitéiert ginn, souguer en Emprunt ophuelen. Besonnesch an der haiteger Zëssituatioun.

Aus all dëse Grënn sinn déi gréng matt dësem Budget averstanen.